N°3441
Entrée le 12.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.01.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

An der Nuecht vum 10. op den 11. Januar 2026 koum et zu Rodange an zu Rëmeleng zu zwee schwéieren Tëschefäll, bei deenen zwou Persoune mat Messere blesséiert goufen. D'Police huet an deenen zwee Fäll misse reagéieren an huet zwee Verdächteger festgeholl. Béid Tëschefäll hunn sech laut Medieberichter a Caféen ofgespillt, an déi Blesséiert hu missen hospitaliséiert ginn.

Dës Virfäll reien sech an eng scheinbar Zounam vun Aggressioune mat Waffen an, déi an de leschte Méint zu Lëtzebuerg festgestallt goufen. Dëst werft Froen op iwwert d'Sécherheet an eise Gemengen an iwwert d'Moossnamen, déi d'Regierung plangt fir d'Gewalt am ëffentleche Raum anzedämmen, besonnesch am Kontext vun Aggressioune mat Stéchwaffen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Aggressioune mat Messeren oder anere Stéchwaffe goufen an de leschten 12 Méint zu Lëtzebuerg registréiert, a wéi verdeelen dës sech op déi verschidde Gemengen?
2. Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung, fir d'Zuel vun Aggressioune mat Stéchwaffen ze reduzéieren?
3. Gëtt et Pläng fir d'Gesetzgebung am Beräich vum Besëtz an dem Droe vu Messeren oder anere Stéchwaffen ze verschäerfen?
4. Wéi eng preventiv Moossname ginn aktuell ëmgesat, fir d'Gewaltbereetschaft an eise Gemengen ze reduzéieren, a wéi ginn dës evaluéiert?

piraten.lu

PIRATEN

5. Wéi eng speziell Formatiounen erhält d'Police, fir mat Situatiounen ëmzegoen, wou Stéchwaffe benotzt ginn, a gëtt et Pläng, fir dës Formatioune weider auszebauen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés